Allocution Roland Kuhn à l'occasion de la présentation du club énergie en date du 10 mai 2010

Merci, dass Dir trotz den politeschen Turbulenzen Zait fonnt hutt, fir haut bei eis ze kommen. Den Dossier, den mir Iech présentéiren wellen, as och net onwichteg

Eischtens waat den économeschen Développement vu Lëtzebuerg betrefft, an natiirlech och fir eis Klimapolitik, an déi europäesch Virgaaben, déi mir an dem Kontext erfellen mussen.

Waat d'Emwelt an Klimapolitik ugeet, gellt et do bis 2020 eng Partie Zieler z'erreechen. Aneschtes ewéi Norwegen oder Länner, déi um Mier leien, verfügt Lëtzebuerg iwwert keng nennenswert natiirlech Ressourcen ewéi Waasser, Wand, oder Erdwärmt aus denen ee kéint Energie gewannen. Dofir as et kloer, dass d'Reduktioun vum Energieverbrauch an d' Promotioun vun den Erneierbaaren Energien zu Lëtzebuerg iwwert den Asaatz vun Technologie – an deem Fall – Emweltechnologien errecht gin muss.

Waat den economeschen Volet betrefft, gin mir dovunner aus, dass d'Emwelttechnologien zu Letzebuerg ee jährlechen Marché vun 200 Millionen Euro an d'Schaafung vun 2.000 Abeschtsplaatzen bedeiden kéinten. Zudeems bitt sech hei och d'Chance fir eis Economie em e Kompetenzsekteur ze erweideren an se dementspriechend och méi breed Opzestellen, esou wéi d'Regierung daat jo schon ugeduecht huet.

Egal, vun waat fir enger Sait een den Energiedossier kukkt, as et kloer, dass d'Handwierk, a besonnesch déi Betrieber, déi am waitesten Senn

mat Energie ze din hun, do eng grouss Roll ze spillen hun. Daat as den Enterprenner fir d'Isolation vum Baukierper. Daat as den Installateur fir den Equipement Technique. Daat as den Charpentier an den Daachdecker fir d'Isolation vum Daag. Daat as de Schreiner fir d'Fensteren.

Et kann een baal soen, dass daat ganzt Bauhandwierk vun der Thematik concérnéiert as. Eischtens waat déi eegen Aktivitéit betrefft, awer och waat Zesummenabescht vun de verschiddenen Corps de Métiers virum Hannegronn vun der Energiefroen ugeet.

Et sin och d'Handwierksbetrieber, déi d'Politik déi d'Regierung iwwert den Wee vun Subsidien awer och iwwert Besteierung vun den fossilien Energien mescht, schlussendlech beim Client emzesetzen mussen.

Dir gesitt, den Dossier huet sellech Aspekter, mat denen mir eis als Handwierk auseneen setzen mussen.

Et as och aus der Iwwerleeung eraus, dass mir als Chambre des Métiers an als Fédération des Artisans décidéiert hun, eisen „Club de l'Energie" ze grennen, fir den Energiedossier an och eis Betriber ob eng strukturéiert Art a Weis begleeden ze kennen.

Am Handwierk as et wéi an der Politik. Wann e well dass et eppes gett, fänkt een „haut" un d'Zukunft ze préparéieren an net ereicht, wann den Zuch schon fort as.

Eier den Christian Reding an den Patrick Koehnen Iech elo méi am Detail de Kader setzen an Iech d'Missiounen vun eisem „Club de l'Energie" présentéieren, erlaabt mer just nach ee Wuert.

D'Letzebuerger Handwierk as elo schon am Bereich vun der Energie net schlecht opgestallt. Mir hun 800 Betrieber, déi sech mat dem Thema ausereneen setzen an 250 Betrieber, déi den Label „Energie fir Zukunft" droen. Deen Label von der Chambre des Métiers kréien Betrieber, déi eng seriö Formation an dem Beraich opweisen kennen. Weinst der effentlecher Subvetionspolitik as Energie och een Thema, waat eis Betriber zu Lëtzebuerg schon vill méi laang beschäftegt, wéi z.B. Betriber an Daitschland oder denen aneren Nopeschlänner. Ech mengen eis Betriber kennen do schon eng zolitt Experienz an en zolitten Know-how firweisen, fir den Client op dem Volet hei ze begleeden. Doriwwer eraus, sin d'Emwelttechnolgogien fir eis Betrieber e gutt Sprangbried fir och d'Marchéen an d'Client an der Groussregioun unzegoen.

Daat war et fir main Deel, an ech géif elo d'Wuert un den Christian Reding an den Patrick Koehnen gin fir eis durch den Projet ze féieren.